## Carte Blanche Pierre Hurt, directeur OAI

## RTL Radio lundi 23/01/2023 17h50

**Titre** **Brauchen mir eng kulturell Revolutioun?**

## Annonce

**Brauchen mir eng kulturell Revolutioun?**

Jo. Well all déi materiell an technesch Revolutiounen an déi leider selwer verschëlden akut Krisen, kënne mir nëmme och mat enger kultureller Revolutioun meeschteren.

Vum **Pierre HURT**, directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils

**(oai.lu)**

## Texte

**Brauchen mir eng kulturell Revolutioun?**

Jo. Well all déi materiell an technesch Revolutiounen an déi leider selwer verschëlden akut Krisen, kënne mir nëmme och mat enger kultureller Revolutioun meeschteren.

**De Mënsch mat sengem Verhalen steet am Mëttelpunkt**.

Den Erich Fromm huet et schonn 1976 a sengem Buch "**Haben oder Sein** " op de Punkt bruecht.

Mir brauchen en Paradigmewiessel: ewech vum kuerzfristege Profitdenken a bloussem Consumérismus zum reelle Bien-Être :

D'Suffizienz „sobriété heureuse„ muss am Mëttelpunkt stoen, nom Motto

**Manner ass méi, wa Manner Qualitéit a Gesondheet ass.**

Wat musse mer dann elo änneren.

**D'Kultur vum Vertrauen, Confiance, nees an den Zentrum vun all eise gesellschaftleche Relatioune setzen**, ewech vun der Judicarisation an dem iwwerdriwwenem Carcan administratif. Ons eege Barrièren vum Mësstrauen ofbauen.

Mutt zum kalkuléiertem Risiko, ewech vun eiser Kontrollsucht op de falsche Plazen.

Och eng **Revolutioun an eiser Gesetzgebung zemol am Bau**, Gesetzesprojeten wierklech am Virfeld mat den Acteuren vum Terrain testen.

Courage zum Progrès duerch **experimentell Pilotprojeten**.

**Baukultur entsteet net duerch Texter**, mee duerch ee gesellschaftleche Prozess am offenen Dialog mat allen Acteuren.

**Diskutéiert mat ons um Site oai.lu**, wou mir e **Programm mat 12 ganz konkrete Mesure fir dëst Superwaljoer** publizéiert hunn.
https://www.oai.lu/fr/26/accueil/mediatheque/documentation/1-mode-news-id-4430/

Déi fräischaffend Architekten, Ingenieuren an Urbanisten hunn Äntwerten op vill vun eise Problemer, wa mir hiert kreatiivt Potenzial richteg asetzen.

**Pierre HURT**